LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

# Deklaratioun iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik

presentéiert vum

**Här Franz FAYOT,**
Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten

an der Chamber
den 17. November 2021

*Et zielt dat geschwatent Wuert*

Här President,

Léif Deputéiert, Dir Dammen an Dir Hären,

**INTRO - POST COVID SITUATIOUN**

D’lescht Joer hu mir zesummen, am Kader vu menger Deklaratioun, vill iwwert d’Pandemie vum COVID-19, a seng verheerend Konsequenze fir d’Mënschen op der ganzer Welt geschwat. Haut gesi mer Liicht um Enn vum Tunnel. Mir sinn nach laang net doduerch, mee mir si besser preparéiert op déi nächst Wellen an och de Wuesstem ass nees um Rendez-vous. Mir sinn institutionell a finanziell zolidd opgestallt, fir ons Wirtschaft ze stimuléieren an ons Impfcampagne duerchzeféieren. Déi Luucht ass awer fir verschidde Länner méi hell, wéi fir anerer. Vill Entwécklungslänner hunn nach ëmmer kee gudden Zougang zu Vaccinen, an déi ekonomesch Relance bléit oft nach schwaach.

D’Pandemie huet e staarke Réckfall verursaacht, a Saachen Aarmut, Educatioun, Ernärung, Sécherheet an a villen aneren Beräicher . Loosse mer net vergiessen, dass méi wéi 100 Millioune Leit an d’extreem Aarmut gefall si wéinst de Konsequenze vum COVID, an eng 250 Millioune Leit hir Aarbecht verluer hunn (Source: Weltbank). Ganz ze schweige vun de Millioune Kanner déi net an d’Schoul konnte goen, an a ville Länner nach ëmmer net kënne goen. Wa fir ons den Distanzunterrecht schonn eng Erausfuerderung war, kënnt der iech jo virstellen, wéi dat an de Länner ass, wou d’Schüler kee Computer oder Tablet hunn, an och oft keng oder wéineg Connectivitéit an, vill schlëmmer nach, de Lockdown a miserabelen Heemer hu misse verbréngen. Ech wäert mech ëmmer un déi enorm Freed erënneren déi di syresch a

palästinensesch Flüchtlingskanner am September zu Amman ausgestraalt hunn, fir endlech nees kënnen an d'Schoul ze goen.

**1) EE BEISPILL: DE SENEGAL**

A wann bei ons de **Lockdown** ganz schwiereg war, da kënnt Der Iech villäicht och virstellen wéi eng Konsequenzen esou ee Lockdown huet op Leit, déi an enger sougenannten "Économie de survie" iwwerliewen, dat heescht all Dag schaffe gi fir hiert Iessen dee selwechten Dag kënnen ze bezuelen.

Am **Senegal** z. B. ass um Ufank vun der Pandemie, no 3 Woche Lockdown, bal eng Revolutioun ausgebrach. Vill Leit wäre carrement verhéngert, wa se net méi hätten eraus dierfen. "Ils se lèvent le matin et partent chercher à manger" sot e Responsabel vun enger ONG, wéi ech virun 2 Wochen am Senegal op Visitt war. Anerer deele sech eng Wunneng oder e Schlofzëmmer: déi eng gebrauchen se Nuets a schaffen am Dag, an déi aner schaffen Nuets a brauchen d'Wunneng an dat selwecht Bett am Dag. Do ass ganz einfach net genuch Plaz fir am Lockdown zesummen doheem ze bleiwen.

Glécklecherweis waren d'Infektiounszuelen am Senegal relativ niddereg, soudass d'Regierung de Lockdown séier nees konnt ophiewen. Op menger rezenter Visitt konnte mir eis gutt Bezéiunge mam Senegal op enger Commission de partenariat ënnersträichen. An ech hunn och do, zousätzlech direkt  Ënnerstëtzung fir2 MEUR zougesoten. Dës verstäerken ënnert anerem eis Zesummenaarbecht mam senegalesesche SAMU, an och zwou historesch Infrastrukture vun der

Lëtzebuerger Kooperatioun am Senegal, de Centre hospitalier Abbas Ndao, an de Lycée technique de Thiès. Wärend der Visitt konnt ech mech vun der Pertinenz vun eisem Fokus op d'Beräicher vun der Santé an vun der Formatioun an Insertion professionnelle am Senegal iwwerzeegen. Ech konnt och de Centre régional de prise en charge holistique des victimes des violences sexuelles zu Ziguinchor, am Süde vum Senegal, aweien, deen zesumme vun der lëtzebuergescher ONG SANACCESS an der westafrikanescher ONG ENDA Santé mat lëtzebuerger Ënnerstëtzung konnt gebaut ginn. D'Visitt war fir mech awer och d'Geleeënheet fir mam President Macky Sall iwwert Zukunft vun onser Kooperatioun kënnen ze diskutéieren, an och iwwert déi generell Situatioun an der Regioun.

**2) D'SITUATIOUN VERSCHLËMMERT SECH A VILLE LÄNNER**

Well wann de Senegal e séchere Pol an enger onstabiller Regioun ass, musse mer leider feststellen, dass **d'Situatioun a ville Länner net besser ginn ass, ganz am Géigesaz**. D'Sécherheetslag am **Sahel** spëtzt sech ëmmer méi zou, wat ons Zesummenaarbecht op der Plaz net méi einfach mécht. Ech kommen dono nach eng Kéier drop zeréck. Mee och an anere Regiounen huele **Krisen an Konflikter** zou. D'Walen am **Nicaragua** de 7. November kann een z. B. net seriö huelen, am **Myanmar** herrscht säit dem Militärputsch virun 10 Méint Gewalt a Chaos, an an **Äthiopien** eskaléiert de Konflikt ëmmer méi. D'lescht Woch nach si 16 lokal Mataarbechter vun der UNO vun den äthiopeschen Autoritéite festgeholl ginn. D'Situatioun ass do op engem Punkt ukomm, wou mir, grad ewéi d'USA an aner Partner, onst sougenanntent "net essentiellt" Personal vun der Ambassade zu Addis Abeba zréckgeholl hunn. Konkret heescht dat, dass onsen

Agent de la coopération zeréck op Lëtzebuerg komm ass, a just nach de Chargé d'affaires sur place ass.

Am **Myanmar** hu mer ons bilateral Kooperatioun gestoppt an d'Büroe vun onser Agence LuxDev zougemaach. Zanterhier ënnerstëtze mir am Myanmar awer nach humanitär Projete fir op Besoine vun der lokaler Bevëlkerung ze äntweren.

Am **Nicaragua**, wou mer jo scho säit 2019 keng direkt bilateral Kooperatioun méi hunn, mécht d'Degradatioun vun der Mënscherechtssituatioun mir ëmmer méi Suergen. Lëtzebuerg, zesumme mat sengen europäesche Partner, condamnéiert den Oflaf vun de rezente Presidentschafts- a Parlamentswalen an d'Resultater ginn an deem Sënn och net unerkannt. Mir wäerten dofir och an deem Land ab ufangs d'nächst Joer keen Agent de la coopération méi sur place hunn an ons iwwert eng méi regional Approche an Zentralamerika nei opstellen. Am Nicaragua selwer wäerte mir awer natierlech weiderhin ons multilateral an ONG Partner ënnerstëtzen, déi direkt de Besoine vun der Bevëlkerung zegutt kommen.Mir loossen d'Leit do net am Stach.

Nieft den Konflikter, spillt natierlech **d'Klimakris** och eng ëmmer méi wichteg Roll. De Klimawandel stellt eng enorm Bedroung fir d'Entwécklung duer: all Aspekt vun eiser Gesellschaft ass betraff, an de Phenomeen wäert sech an Zukunft nëmmen nach verstäerken.

Am Kader vun der **COP26,** déi d'lescht Woch zu Glasgow ofgehale gouf, hunn d'Entwécklungslänner, déi am vulnerabelste sinn, a gläichzäiteg am stäerkste vum Klimawandel betraff sinn, e staarke Message geschéckt: Si brauchen dréngend Ënnerstëtzung fir mat den Ëmwelt- an Klimakrisen ëmzegoen. Mir sinn do gefuerdert.

**3) "LEAVE NO ONE BEHIND" AN ENG MÉI GRÉNG, MÉI RESILIENT A MÉI INKLUSIV ENTWÉCKLUNG**

Dir Dammen an Dir Hären,

Et gesäit een dass déi Aarm an déi Vulnerabel esou Situatioune vill méi staark ausgeliwwert sinn. De Slogan vun de Sustainable Development Goals (SDG) a vun onser Kooperatiounsstrategie "**leave no one behind**" ass haut also méi wichteg wéi jee, a wäert och de roude Fuedem fir ons aktuell an zukünfteg Kooperatiounspolitik sinn a bleiwen.

Mee **wat heescht "keen zeréckloossen"** an Zäite vu Krankheeten a Pandemien? An Zäite vu Klimawandel a vu Konflikter? Grad ewéi an Zäite vun Ongläichheeten tëscht de Länner, tëscht de Schichte vun der Populatioun, an och tëscht de Geschlechter? Konkret heescht dat, dass mir ons Politik an Aktiounen iwwerdenke mussen, fir sécherzegoen, dass mir déi Leit erreechen, déi et am néidegsten hunn, an déi stäerken déi am vulnerabelste sinn. Ons geografesch an thematesch Prioritéite bleiwe pertinent, mee mir brauchen eng nei Approche fir eng **méi nohalteg, méi resilient an méi inklusiv Entwécklung**.

**4) WÉI MAACHE MIR DAT? NEI STRATEGIEN, MËNSCHERECHTER A KOHÄRENZ TËSCHT DE POLITIKEN**

Fir deem entgéintzekommen hu mir am Mee dëst Joer, wärend den Assises de la coopération, dräi nei Strategië lancéiert, déi zesumme mat all de concernéierte Partner ausgeschafft goufen an de Beräicher vum Klimawandel, vum Gender a vun der innovativer an inklusiver Finanz. Dës dräi Strategien si selbstverständlech keng komplett eegestänneg nei Strategien; si schreiwen sech an ons generell Kooperatiounsstrategie an, an hëllefen ons, des ëmzesetzen.

Als eent vun den wéinege Länner mat enger **feministescher Aussepolitik**, vertrëtt Lëtzebuerg kontinuéierlech **d'Rechter an d'Würd vun all Gender** an deenen ënnerschiddleche Gremien an engagéiert sech fir all Form vun Diskriminatioun an Ongläichheet ze bekämpfen. Dës Elementer gehéieren och zu den Prioritéiten, déi Lëtzebuerg sech am Zesummenhang mat sengem Mandat fir den UN-Mënscherechtsrot fir d'Period 2022 bis 2024 gesat huet.

Virun allem a fragillen an konfliktträchtege Situatioune leide Fraen an Meedercher weiderhin onverhältnisméisseg staark, ënnert souwuel politescher, sozialer, wirtschaftlecher wéi och duerch de Klimawandel bedéngter Ausgrenzung. Virun allem a schwieregen Zäiten an der Situatioun vun enger multidimensionaler Pandemie, där mir nach ëmmer ausgesat sinn, ass et noutwendeg d'Rechter vu Fraen nohalteg ze schützen. Dohier steet dës Dimensioun am Mëttelpunkt vun der Lëtzebuerger Kooperatioun als eng vun de Bedéngunge fir d'Aarmutsbekämpfung an all eise Partner- an Projetslänner.

Ons Strategie gesäit en transformativen Usaz fir d'Gläichstellung vun den Geschlechter an alle Portfolioe vir. Elo geet et drëm een internen Aktiounsplang auszeschaffen, fir d'Ëmsetzung vun de Richtlinnen ze garantéieren. Fir eis verschidden Acteure bei der Ëmsetzung vun eiser neier transversaler Strategie z'ënnerstëtzen an domadder op de "Wéi" z'äntwerten, wäerten des Weidere spezifesch Outilen ausgeschafft ginn

Ee konkret Beispill, an der afrikanescher Regioun südlech der Sahara, ass d'Initiativ "**Education Plus**", déi Lëtzebuerg mat ONUSIDA ënnerstëtzt, fir den Zougang vu Gesondheetserzéiung a Rechter, souwéi d'Stäerkung vun der Roll vu Fraen a Meedercher ze förderen. Mir hunn an deem Kader virun 2 Wochen och eng éischt regional Konferenz fir West- an Zentralafrika am Senegal cofinanzéiert, zesumme mat UNAIDS an ENDA Santé.

Am Kontext vum Klimawandel hu mir dëst Joer d'Ambitioune vun eiser Kooperatiounspolitik erhéicht. Engersäits hu mir op den Assisen eng nei Ëmwelt- an **Klimastrategie** validéiert, anersäits stäerke mir eis Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère, deen iwwert de Klimafong zousätzlech Ënnerstëtzung fir staark Aktiounen an den Entwécklungslänner am Beräich Klimawandel bitt.

D'Zesummenhäng tëscht Klima, Gender-Ongläichheeten, wirtschaftlechen a soziale Froe musse systematesch betruecht ginn, fir méi resilient Gesellschaften opzebauen. Wa mir zum Beispill am Beräich Waasser oder der Agrikultur schaffen, da mussen mir sécherstellen, dass déi Projeten och nach an 10 Joer un de klimatesche Kontext adaptéiert sinn. Oder an engem

Educatiounsprojet, muss séchergestallt sinn, dass Gebaier klimaresistent sinn an dass déi lokal Bevëlkerunge Liewenskonditiounen hunn, déi hinnen et erméiglechen an d'Schoul ze goen.

Konkret huet eis Strategie bis 2030 zum Zil, alleguerten d'Aktivitéite vun der Kooperatioun an d'Dynamik vun enger nohalteger, inklusiver, erneierbarer a resilienter Entwécklung ze setzen. Och hei schaffe mir un engem Aktiounsplang an un Outile fir dass all d'Acteure vun der Lëtzebuerger Kooperatioun equipéiert si fir souwuel hei zu Lëtzebuerg, wéi och um Terrain sécherzestellen, dass d'Nohaltegkeet vun eisen Aktiounen optimiséiert ass. D'Etabléierung vun engem neien, méi nohaltege Paradigma ass ee laange Prozess, deen dringend muss ëmgesat ginn. D'Kooperatioun ass fest decidéiert an déi Richtung ze schaffen.

Och **d'Mënscherechter** an d'Gouvernance spillen eng ëmmer méi wichteg Roll am Developpement. Erlaabt mir ee puer Wierder zu de Mënscherechter an de Partnerlänner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. Wéi der wësst sinn d'Mënscherechter als transversal Prioritéit vun onser Kooperatiounsstrategie festgehale ginn, zesumme mat Geschlechtergläichheet an ëmweltfrëndlecher Nohaltegkeet.

Fir där Prioritéit gerecht ze ginn, ginn d'Mënscherechtssituatiounen an eise Partnerlänner um héchsten Niveau bilateral ugeschwat, spezifesch am Kader vun engem strukturéierte politeschen Dialog. A mir maachen dat och op multilaterale Foren, wéi mat der EU oder zum Beispill am Kader vum Universal Periodic Review (UPR) vum Comité des droits de l'Homme, wou Lëtzebuerg jo viru kuerzem fir ee Mandat vun 2 Joer eragewielt ginn ass. Mir wäerten an deem Kontext weider eis

Partnerlänner op d’Situatioun vun de Mënscherechter uschwätzen a konstruktiv mat hinnen no Léisunge sichen. Am Kader vun der Campagne fir eist Mandat am Mënscherechtsrot hu mir och sougenannten "Engagements volontaires" geholl, déi vun enger ganzer Rëtsch Acteuren ëmgesat musse ginn.

Dovun ofgesi, wëll ech nach kuerz dorun erënneren dass d’Essenz vun der Kooperatioun (a vun den SDGen) näischt anescht ass wéi d’Stäerkung an déi konkret Ëmsetzung vun de Mënscherechter. An deem Sënn sinn och déi 4 Haaptthematike vun onser genereller Strategie ze gesinn: Accès op sozial Basisrechter, sozioekonomesch Integratioun, Gouvernance an inklusiven an dauerhafte Wuesstem. Dofir fërdere mir och an de leschte Programmes indicatifs de coopération (PIC) déi ënnerschriwwe gi sinn eng "rights based approach". Et ass net méiglech eng konsequent Aarmutsbekämpfung ze erreechen ouni dass d'Mënscherechter, notamment déi sozial an ekonomesch, mee awer och déi zivil a politesch Rechter, oprechterhale gi fir jiddereen. A genee dat maache mir elo schonn an onser Entwécklungspolitik.

All d'Mënscherechter hänke mateneen zesummen, grad ewéi déi 17 nohalteg Entwécklungsziler zesummenhänken. Et ass schlussendlech eng Fro vun der Koherenz tëscht de Politicken. Den Erfolleg vun enger Entwécklungspolitik hänkt och vun de Wierkunge vun anere Politicken of, déi, ob gewollt oder ongewollt, eng nohalteg Entwécklung ënnerstëtzen oder bremsen.

Déi Fro vun der Koherenz läit mir besonnesch um Häerz, an ech si frou, dass mer do an de leschten 2 Joer e gutt Stéck viru komm sinn. Ons "approche pays", déi mer am Cap Vert ugefaangen hunn,

breet sech entre temps och op aner Länner aus. Ech wäert herno nach drop zréckkommen. Mee och heiheem huet sech vill gedoen. Zesumme mam Ëmweltministère hu mir eng Etude mat der OCDE gemaach fir ze kucken, wéi mer d'Koherenz tëscht de Politicken zu Lëtzebuerg weider kënne stäerken. Dës gouf an interministerielle Kommiteeen, zesumme mat der Zivilgesellschaft, diskutéiert a verschidden Elementer konnten an den neien nationale Plang fir een nohaltegen Développement (PNDD) agebaut ginn. De Lëtzebuerger Nohaltegkeets-Check gouf zum Beispill héich gelueft vun der OCDE, grad ewéi déi substantiell Ënnerstëtzung, déi mer den ONGen gi fir an deem Beräich kënnen aktiv ze sinn.

**5) ENG DUAL APPROCHE: TRADITIONELL AN INNOVATIV**

Dir gesitt et hänkt alles zesummen, an et muss een ee gesamtheetlechen Usazhunn. Fir eng méi nohalteg, méi resilient a méi inklusiv Entwécklung ze kréie musse mir **duebelgleiseg fueren**:

Op där enger Säit wäerte mir ons **traditionell Kooperatioun**, an de Services sociaux de base, wei Gesondheet, Educatioun, oder Accès zu Waasser weiderféieren an och ausbauen, insbesonnesch an deenen am mannsten entwéckelte Länner. Op där aner Säit, wäerte mir ee verstäerkten Akzent op **innovativ Finanz-Mechanismen an nei Technologië** setzen, fir eng méi ëmweltfrëndlech a méi inklusiv Entwécklung ze fërderen. Mir maachen dat och a sougenannte "lower middle income countries", wéi zum Beispill dem **Ruanda**, wou ech leschte Mount op Visitt war, an dat am Kader vun der **SAM**, der Semaine africaine de la microfinance, déi vun der ONG ADA an e puer regionale Mikrofinanz–Reseauen organiséiert gouf. Mat méi wéi 500 Experten aus der Regioun déi do zesummekomm sinn, fir d'éischt nees säit der Pandemie, war d'SAM e grousse

Succès an huet d'Lëtzebuerger Expertise an deem Domaine ganz kloer um afrikaneschen Kontinent placéiert, grad ewéi 2 Joer virdrun zu Ouagadougou am Burkina Faso.

**6) HU MIR DÉI NÉIDEG MOYENEN?**

Fir kënnen Impakt ze hunn an eng Differenz ze maachen, **musse mir ons d'Moyene ginn**, an dat esouwuel um Niveau vun de **Ressources humaines** an der Expertise, wéi um Niveau vun de **Budgeten**. Um Niveau vun de finanzielle Mëttelen, kann ech haut mat grousser Erliichterung soen, dass mir **d'Schwieregkeeten vum leschte Joer** hannert ons hunn!

Nodeems 2020 d'Kontraktioun vum RNB dozou gefouert huet, dass d'Enveloppe vun der Aide publique au développement (**APD), am Laf vum Joer, ëm eng 43 Milliounen erofgeschrauft huet misse ginn**, ass dëst Joer d'Reprise nees um Rendez-vous. D'Budgete ginn nees an d'Luucht. Ech erënneren awer hei nach eemol, dass och a Krisenzäiten um Zil vun 1% vum RNB fir d'APD festgehale gouf. Schlussendlech huet sech d'APD 2020 op **396 Milliounen Euro** belaf, wat 1,03% vum RNB entsprécht.

Wéi ech et schonn d'lescht Joer a menger Deklaratioun un Iech annoncéiert hat, ass besonnesch dorop geuecht ginn, dass déi budgetär Oplagen net op d'ONGen zréckfalen. Sou sinn dann och d'Enveloppen, déi de Lëtzebuerger ONGen zoustinn, net reduzéiert ginn, an dat am Géigesaz zu deem, wat vu verschiddene Säiten d'lescht Joer gesot gouf. Den Deel vun der APD, deen duerch d'ONGen ëmgesat gëtt, beleeft sech fir 2020 souguer op **17%** (25% vun der bilateraler APD); e läit also iwwert der Moyenne vu 15,5 % vun de viregte Joren.

An dem Kontext ass och ze erwänen, dass wann d'Situatioun um Terrain d'Weiderféieren vun de Projeten onméiglech gemaach huet, de Ministère sech **flexibel** gewisen huet an all senge Partner et erlaabt huet, Fongen op aner Aktivitéiten ëmzeverdeelen an dat insbesonnesch fir géint d'Covid-Kris an eise Partnerlänner unzegoen. Deemno si ronn **70 Milliounen Euro** gewäert ginn, fir Entwécklungslänner ze hëllefen, d'Pandemie ze bekämpfen.

Dëst Joer stinn d'Prognose vum Statec wéi gesot ganz positiv, wat eng Besserung vun der wirtschaftlecher Situatioun ugeet. **D'APD fir 2021 wäert deemno tëscht 455 a 461 Milliounen Euro leien.** Och wann de RNB eropgeet, hale mir selbstverständlech un onsem Zil vum 1% fest. Fir déi nächst Joren ass och e kontinuéierleche Wuesstem virausgesinn an **d'APD 2022 kéinten da 476 Milliounen Euro erreechen,** e Rekord-Montant fir d'Lëtzebuerger Kooperatioun.

**7) MIR BRAUCHEN DEN PRIVATSECTEUR**

Domat kënne mir e wichtege Bäitrag liwweren, mee wann ee mech freet ob dat duergeet, dann ass d'Äntwert ganz kloer nee. Am Verglach mat den Dausende Milliarden, déi gebraucht ginn fir d'SDGen z'erreechen, bleiwen ons Kontributiounen relativ bescheiden. Dofir mussen déi Moyenen effikass agesat ginn. Mir hunn an deem Sënn an de leschten zwee Joer vill an Expertise investéiert. Een aneren wichtege Punkt ass, dass mir d'SDGen nimools wäerten erreechen ouni d'Hëllef vum Privatsecteur, souwuel am finanzielle Beräich, wéi an der Expertise an an der Innovatioun.

Vill Efforte sinn dofir gemaach ginn, fir de Privatsecteur ze sensibiliséieren, fir an nohalteg a responsabel Finanzproduiten z'investéieren. D'Abanne vum Privatsecteur, dat meng zwee Ressorte concernéiert, muss natierlech streng konform no den nohaltege Reegelen a Krittäre geschéien. Et ass zum Beispill eng Grondviraussëtzung, datt sech eis Partner strikt un d'Mënscherechter halen. Och de Respekt vun den Aarbechtsrechter an den Ëmweltoplagen ass ganz wichteg.

Ee Beispill fir esou eng Zesummenaarbecht ass d'Business Partnership Facility (BPF). Do hunn ech dofir gesuergt, dass all Partner sech muss dozou engagéieren dee sougenannten *devoir de diligence* anzehalen, wa si vun engem Kofinanzement wëlle profitéieren. Wéi der wësst, gëtt et zu Lëtzebuerg een nationale Plang fir den *devoir de diligence*, a senger zweeter Oplag, deen ëmgesat gëtt. Dat ass d'Resultat vun engem inklusive Prozess gewiescht, an deem och d'Zivilgesellschaft systematesch mat agebonne gouf, insbesonnesch am Kader vum Comité interministériel des droits de l'homme. Zum selwechten Thema maache mir och de Suivi op EU-Niveau, wou den Ament nach Diskussioune lafen, déi eventuell op eng europäesch Léisung erauskommen.

Och an dësem Beräich wëlle mir als Kooperatioun mat guddem Beispill virgoen an weisen, wéi eng nohalteg an inklusiv Entwécklung méiglech ass. Mam Instrument vun der Business Partnership Facility ënnerstëtze mir elo säit bal 5 Joer Innovatiounen, déi zur internationaler Entwécklung bäidroen an duerch dës Zesummenaarbecht goufe mëttlerweil iwwer 25 Projeten initiéiert, an de Beräicher vun der FinTech, der Mobilitéit an der Logistik, esou wéi an deene vun

der CleanTech, der Kreeslafwirtschaft, der Ekoinnovatioun, an den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien.

Doduerch konnte mir weider Ressourcë fir d'Entwécklungslänner mobiliséieren, den Transfert vun Technologien erméiglechen, lokal Aarbechtsplaze schafen an d'Kooperatioun tëscht dem geografeschen Norden a Süde verstäerke – an dëst erlaabt eis fir eisem Objektiv vum inklusive Wuesstem méi no ze kommen. Ech hu wëlles d'Kooperatioun mam Lëtzebuerger Privatsecteur nach méi staark auszebauen, wéi gesot, do wou et Sënn mécht, an am Kader an am Respekt vu klore Krittären.

Mir hunn eng ganz Partie privat Acteuren hei zu Lëtzebuerg, déi en eenzegaartege Savoir-faire hunn, oder Produiten hierstellen, déi dréngend an onse Partnerlänner gebraucht ginn. Een esou e Beispill ass d'Entreprise B-Medical. E Betrib deen an der medizinescher Chaîne du froid eng Virreiderroll spillt, an deem seng Frigoen a portabel Killtäsche säit COVID weltwäit gefrot sinn. E Méindeg virun enger Woch konnte mir, am Kader vum Europäesche Protection Civile Mechanismus, 50 Frigoen mat Solarpanelen fir Impfdosissen ze stockéieren an de Burkina Faso schécken. Déi ginn do batter néideg gebraucht, well just 1% vun der Bevëlkerung bis elo geimpft ass. Ee wichtege Punkt fir mech (an och de Minister Bausch) war de Fakt, dass dës Frigoe mat dem Lëtzebuerger A400M dohin transportéiert goufen. Sou konnte mir Käschte spueren an den Impakt an d'Lëtzebuerger Visibilitéit nach verstäerken. Ee gutt Beispill vun der Ëmsetzung vun onser 3D ("Diplomatie, Développement et Défense") Politik!

Nëmmen mat sou technesche Solutiounen, a mat der Zesummenaarbecht mat diversen Acteuren, kënne mir déi weltwäit Vaccinatioun virubréngen, ouni déi mer d'Pandemie ni wäerten an de Grëff kréien.

**8) COVAX & DEELEN VU VACCINEN**

Erlaabt mir an deem Kontext de Punkt ze maachen iwwert eis Contributiounen un der sougenannter. De COVAX-Mechanismus finanzéiert den Akaf vu Vaccine fir 92 eligibel Entwécklungslänner. Ech hunn d'lescht Woch nach eng weider Participatioun decidéiert fir ons Ënnerstëtzung vum COVAX ze verduebelen, an zwar op elo 4 Milliounen.

Wat eis materiell Ënnerstëtzung an der Pandemiebekämpfung ugeet, hu mir bis elo 400.000 Dosisse Vaccin un de COVAX-Mechanismus ginn, an dëst am Kader vum „Team Europe". Dat heescht konkret, datt mir mat eisen europäesche Partner zesummeschaffen (zum Beispill fir juristesch Froen) an als „Team Europe" um COVAX deelhuelen.

Konkret hu mir en Don vun 300.000 Dosissen AstraZeneca gemaach, déi de GAVI wäert un eng Rei Partnerlänner verdeelen, an zwar do, wou se am meeschte gebraucht an och direkt verbraucht kënne ginn.

100.000 Dosisse Pfizer si virgesinn, fir als Don un de Vietnam ze goen, deen d'Kapazitéit huet fir dee Vaccin ze administréieren, dee jo ganz déif muss gekillt ginn. A mir plangen och nach weider

Impfdosisse fir ons Partnerlänner zur Verfügung ze stellen, dorënner ronn 10.000 Dosissen vum Moderna Impfstoff.

Nieft eisem Engagement am COVAX ass d'Kooperatioun och um **bilateralen Niveau** aktiv. Sou hu mir am September en Don vu 56.000 Dosissen AstraZeneca un de Cabo Verde gemaach, an hunn domadder direkt op eng Demande vun hinne geäntwert, déi un de Mécanisme de protection civile vun der EU adresséiert war. Och **Material** gouf esou verschéckt, wei zum Beispill en Don vu Ventilatoren un Tunesien, Antigen-Tester un de Kosovo oder eben déi virdru genannte Frigoe fir de Burkina Faso.

Am Allgemenge sinn awer leider nach enorm Retarden an der weltwäiter Impfcampagne ze verzeechnen. Och wann d'Diskussiounen ëm d'Aussetze vun de Patentrechter sech e bësse geluecht hunn, si mir vun enger gerechter Verdeelung vu Vaccine si leider nach wäit ewech. Et ass net akzeptabel, dass verschidde wéineg Pharmakonzerner grouss Profitter op der Basis vun ëffentlecher Recherche maachen, an d'Leit an de méi aarme Länner keen Zougang zu Impfungen hunn. Mir ënnerstëtzen dofir d'Europäesch Unioun an och aner Initiativen, fir d'Produktioun vu Covid-19-Vaccinen ze fërderen. Éischt positiv Resultater ginn et: esou gesäit BioNTech vir, Produktiounssitte vun Messenger RNA Vaccinen am Senegal an am Ruanda ze bauen.

Et ass awer och kloer, dass de System vun der internationaler Gesondheet muss verstäerkt a verbessert ginn, fir besser op déi nächst Pandemië virbereet ze sinn! An deem Sënn schaffen d'Memberstaaten an der Organisation mondiale de la santé (OMS) um Prinzip vun engem

internationalen Ofkommes, dat Staate rechtlech géif banne fir eng global Gestioun vu Pandemien.

## 9) "DIGITAL FOR DEVELOPMENT" & INNOVATIV FINANZ

Mee loosse mer nees zeréckkommen op déi méi gréng, méi resilient an méi inklusiv Entwécklung, an op de *leave no one behind*. **Innovatioun**, zesummen mam **Privat- a Finanz-Secteur** ass hei ganz wichteg. Zil ass et nämlech net nëmmen op déi aktuell Verännerungen an d' Bedierfnisser um Terrain ze reagéieren, mee proaktiv dëse Wandel ze begleeden an ze formen.

**D'Digitaliséierung** ass ee Beräich an deem et ee besonnesch grousst Potential fir esou eng innovativ an nohalteg Entwécklung gëtt. D'Pandemie huet dozou gefouert datt d'Digitaliséierung ee grousse Schratt gemaach huet, och an den Entwécklungslänner. Am Fachjargon heescht dat: "Digital for Development" a bedeit näischt aneres wéi duerch digital Léisungen, mat der Hëllef an Expertise vun eise Partner, een Impakt um Terrain schafen. Am sougenannten **TIC oder ICT** Beräich kënnen mir als Lëtzebuerg op een dynameschen an innovativen nationalen Ekosystem zeréckgräifen. Nei Technologië si besonnesch nëtzlech an de Secteure vun den Finanzen/FinTech, der Medezin (e-health) oder an der Weiderbildung fir déi jonk Leit (e-education).

Fir konkret Beispiller ze nennen, schaffe mir mat Satellitten-Technik fir Spideeler an och ONGe mat Patienten ze vernetzen, déi soss keen Zougang zu medezinescher Versuergung hunn (SATMED). Mir ënnerstëtzen Acteuren déi sech fir responsabel an nohalteg Finanzproduiten, mat Hëllef vun digitalen Outilen, wéi engem Smartphone, asetzen. Wuelgemierkt, dëst si Leit, déi soss

keen Zougang zu de sougenannten traditionelle Finanzzerwisser hunn (ADA). Och d'Weiderbildung am digitale Beräich ass ons wichteg, well an enger vernetzter Welt brauche mir gutt ausgebilten Aarbechtskräften. An esou probéiere mir de Leit eng Perspektiv ze ginn, a si prett ze maache fir d' Zukunft an d'Verännerungen an den oft dynameschen Aarbechtsmarchéen an Entwécklungslänner. Ee Projet ass do zum Beispill de Luxways Projet mat der Uni.lu.

Dëst fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen, woubäi een nach sécherlech ka betounen datt mir am Beräich vun der Cybersecurity eis Partner a Partnerlänner bei den Erausfuerderunge vun der Digitaliséierung ënnerstëtzen. An deem Beräich hunn mir aktuell schonn eng ganz Rëtsch Initiative lancéiert, virun allem mat engem geografesche Fokus op Afrika. Domat wäerte mir och déi technesch Hëllef bereetstelle fir déi digital Transformatioun an onse Partnerlänner ze fërderen.

Eng modern Kooperatiounspolitik bedeit och, datt mir weider am Beräich vun der inklusiver Finanz schaffen, an op innovativ an inklusiv Finanzinstrumenter zeréckgräifen, fir eng responsabel Entwécklungshëllef ze promovéieren.

Lëtzebuerg spillt eng Virreiderroll an dësem Secteur, mat senger Expertise an dëm breetgefächerten Ekosystem. Als Beispill kann een d'Maison de la microfinance nennen, déi direkt eng ganz Rëtsch vun Experten an deem Domaine zesummebréngt, déi weltwäit operéieren.

An der Entwécklungszesummenaarbecht si sech d'Acteuren all eens: Nohalteg Investissementer sinn eng Noutwennegkeet fir den Agenda 2030 z'erreechen. Eis feelen do weltwäit 2.500 Milliarden fir déi 17 Ziler z'erreechen – an dat pro Joer!

An deem Beräich huet Lëtzebuerg ee grousst Potential, an dowéinst ass et wichteg, datt mir weiderhin innovativ Finanzoutilen ënnerstëtzen, dëst natierlech unhand vu Qualitéitskrittären déi kënnen nogewise ginn, wéi z. B. duerch en Impakt-Label vu Luxflag, déi mir zesumme mat dem Finanz- an dem Ëmweltministère ënnerstëtzen.

Konkret investéiere mir an Instrumenter wou mir mat UNO-Agencen, ONGen, bilateralen Acteuren, an och privaten Investisseuren zesummen, geziilt Investissementer färderen, déi e positiven Impakt op d'nohalteg Entwécklungsobjektiver hunn. Dat ass zum Beispill den ABC Fund an der Agrikultur, de BUILD Fund fir Investissementer an deenen am mannsten entwéckelte Länner, oder de BLOC SMART AFRICA fir Investissementer an nei Technologien an Afrika.

**10) MIR BRAUCHE STAARK PARTNER: EU, MULTI & ONG**

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéinst den enormen Erausfuerderungen déi weltwäit virun ons stinn, kënne mir natierlech net eleng schaffen, a mir brauche stabil Partnerschaften, op europäeschem an internationalem Niveau, grad ewéi e verstäerkt Abanne vun der Zivilgesellschaft an den Kooperatiouns-Aktivitéiten.

Op EU-Niveau schreiwe mir ons an d'Approche „**Team Europe**" an, zesumme mat de 26 anere Memberstaaten an den europäeschen Institutiounen. Et geet hei drëm ze weisen, dass Europa fäeg ass, gemeinsam, séier, koordinéiert an effikass Hëllef ze leeschten.

Lëtzebuerg setzt sech och weiderhin a fir eng europäesch Entwécklungszesummenaarbecht, déi e klore Fokus op Aarmutsbekämpfung huet. An deem Kader besti mir drop, dass dat neit europäescht Instrument fir Noperschaft, Entwécklung an international Kooperatioun (NDICI), säi Fokus op déi Länner behält, wou d'Besoinen am gréisste sinn, an deene Mënschen hëlleft, déi am meeschten an Nout sinn. Dozou gehéiert och e staarkt Engagement, dass mir ons finanziell Moyene fir Entwécklungszesummenaarbecht, fir d'Partnerlänner, an net fir d'Migratiounsgestioun, fir ons, ausginn.

Mir hoffen och, dass den Accord tëschent der EU an de 79 Partnerlänner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, de sougenannten Accord Post-Cotonou, geschwë kann applizéiert ginn. Dësen Accord promovéiert ënnert anerem d'Mënscherechter, demokratesch Prinzippien an de Rechtsstaat. Wéi Dir wësst, ass et eis als Lëtzebuerg wichteg en zouverlässegen Gespréichspartner ze sinn, dee sech de Suergen a Problemer vun eise Partnerlänner unhëlt.

Och op europäeschem Niveau setze mir ons ganz staark fir eng ambitiéis Mënscherechtspolitik am Developpement an, besonnesch fir d'Geschlechtergerechtegkeet, well mir iwwerzeegt sinn,

dass all Mënsch dat selwecht Recht op Entwécklung huet, getrei dem Prinzip “Leave no one behind”.

Dës Prinzippien verdeedege mir och um Niveau vun der **Uno**. Sanitär an politesch Krisen, Naturkatastrophen an d’Konsequenze vun der Äerderwiermung hunn natierlech d’Diskussiounen um multilateralen Niveau gepräägt. Säit dem COVID huet sech natierlech bal alles online ofgespillt, wat et net méi einfach gemaach huet fir sech mat eise Partner ze koordinéieren an zesummenzeschaffen.

Ech sinn dofir ëmsou méi houfreg dass mir als Lëtzebuerg e kloere Message konnte setzen andeems mir, en présentiel, am Juli mat eise laangjärege Partner, dem Programm vun de Vereenten Natiounen fir den Developpement (dem UNDP) an dem UN Kapital-Entwécklungs-Fong (dem UNCDF), nei Partenariater fir 2021-2025 ënnerschriwwen hunn. Mat dem UN Hëllefswierk fir palästinensesch Flüchtlingen (UNWRA) hu mir esou e Partenariat méi spéit am Joer zu Amman ënnerschriwwen. Dëst erméiglecht et den Agencen eng besser Previsibilitéit ze kréien an ënnersträicht eis Ambitiounen um multilaterale Plang. Enn dës Joers wäerte weider Partenariater mam Bevëlkerungsfong vun de Vereenten Natiounen (UNFPA), mat Unicef a mat der Internationaler Arbechtsorganisatioun (ILO) an deem Sënn ënnerschriwwe ginn.

Erlaabt mir op dëser Plaz eng kéier ze ënnersträichen, wéi wichteg dës Partenariater fir e klengt Land wei Lëtzebuerg sinn. Am Géigendeel zu deem, wat nämlech op verschidde Plazen gesot gëtt, wësse mir ganz genau fir wéi eng vun onse Prioritéiten déi Kontributiounen agesat ginn an

d'Manéier, wéi mir dës Partnerschafte strukturéieren, gëtt onsem Land eng enorm Unerkennung a Visibilitéit um internationalen Plang. Dat ass net z'ënnerschätzen, well d'Welt hält net hannert onse klengeGrenzen op. A wa mir gär matdiskutéieren op internationalem Niveau, a matdécidéieren, da musse mir och matagéieren. An dat maache mir relativ gutt. "*Lëtzebuerg ass eng Stëmm vun der Vernonft*", sot de Filippo Grandi, den UN-Flüchtlingskommissär, bei senger Visitt hei déi lescht Woch.

Et gi vill Beispiller vun effikasser Zesummenaarbecht op internationalem Niveau. Eent dovun ass ***d'School Meals Coalition*** déi dëst Joer am Kader vum *UN Food Systems Summit* an d'Liewe geruff gouf, an där Lëtzebuerg bäigetrueden ass. Säit Jore scho finanzéiert d'Lëtzebuerger Kooperatioun Moolzechte fir d'Schoulkanner an deene verschiddenste Länner. Momentan si mir do zum Beispill am Nicaragua aktiv. D'Schoul ass net nëmmen eng Plaz wou d'Kanner eng Educatioun kréien, mee spillt och eng wichteg Roll an hirem Sozialliewen. Andeems mir et erméiglechen de Schoulkanner eng Moolzecht unzebidden, gräife mir deene Famillen ënnert d'Äerm, déi sech all Dag op en Neits musse Suerge maachen, wéi si hir Kanner ernäre sollen.

Mir hunn eis och agesat fir d'Educatioun de base an d'Definitioun vun nationalen Educatiouns-Pläng duerch eist Partenariat mam Global Partnership for Education.

D'Kooperatioun engagéiert sech natierlech weiderhin an der Santé, fir déi mir 15% vun eisen APDe virgesinn. D'Wichtegkeet vum Zougang zu essentielle Gesondheetszerwisser, wéi Impfunge géint de COVID, ass an de leschten 2 Joer jidderengem nees méi bewosst ginn.

D’Pandemie huet leider och als Konsequenz, datt d’Fortschrëtter an der Bekämpfung vun aneren Epidemien, déi Entwécklungslänner méi staark betreffen, wéi den Aids, d’Malaria oder d’Tuberkulos, zréckgaange sinn. D’Leit hate keen oder manner Zougang zu Medikamenter oder Tester, a besonnesch Jonker a Frae sinn disproportionell dovunner betraff. Dofir hu mir och an dëse Beräicher ons Contributiounen un d’OMS an UNAIDS eropgesat. Mat Bléck op déi positiv Evolutioun vum RNB, konnte mir och ons Contributiounen un aner Uno-Agencen eropsetzen, wéi der UNWRA (2 MEUR- Gëschter op der ministerieller Konferenz fir UNWRA annoncéiert), dem FIDA (2 MEUR) oder der Vaccin Allianz GAVI (mat 2 MEUR hu mir ons Contributioun dëst Joer verduebelt).

Fir och mat globale Programmer no un d’Communautéiten an déi lokal Bevëlkerungen erunzekommen, brauche mir **d’Zivilgesellschaft an d’ONGen**. Si sinn en kruzialenDeel vun onser Kooperatioun, an zu Lëtzebuerg hunn net manner wéi 92 ONGen en Agrément beim Ausseministère. Wéi virdru gesot, setze si ronn 17 % vun onser APD ëm, e Pourcentage dee bewosst eropgaangen ass am leschte Joer. Aktuell finanzéiert de Ministère 24 Entwécklungs-Accord-Cadren, an eng 96 Projeten, déi vun 61 ONGen ëmgesat ginn, sinn a méi wéi 40 verschiddenen Länner aktiv.

Doriwwer eraus sinn d’ONGen och ganz wichteg Partner fir onse staarken Engagement fir Sensibiliséierungsaarbecht an Entwécklungseducatioun hei zu Lëtzebuerg, iwwer Theme wéi z. B. Mënscherechter, Educatioun a Klimawandel. An deem Kontext wäerte 16 pluriannuell

Programmer, an en neit Mandat fir de Citim, de Centre d’information Tiers-Monde, Ufanks 2022 ënnerschriwwe ginn. Mir wäerten och ab 2022 eng ganz Rei eenzel Projete weider finanzéieren. Ech hu wëlles e verstäerkten Accent op Sensibilisatioun an Entwécklungseducatioun ze setzen. Déi budgetär Mëttelen ginn dann och d’nächst Joer staark an d’Luucht gesat, vun 2,7 MEUR dëst Joer op 4 MEUR fir 2022.

Och dëst Joer huet sech d’COVID-Kris nach bemierkbar gemaach, a mir hu weiderhi Reallocatiounen, Erhéijungen a Verlängerungen accordéiert, fir dass d’ONGen hir lokal Partner konnten ënnerstëtze mat Moossname géint dVerbreedeung vum Virus.

Ech si frou dass ons proaktiv Approche am ganz rezenten *AidWatch*-Rapport ervirgehuewen gouf. Am Géigesaz zu anere Länner, ass de Budget fir d’ONGen zu Lëtzebuerg wärend der COVID-Kris net erofgaangen. Fir 2022 sinn déi éischt Previsioune vum Budget positiv, soudass dat eis erlaabt, eis ONGe weider staark ze ënnerstëtzen.

Zënter Januar 2020 kënnen d’ONGen och Subside beim Ministère ufroen, fir Sécherheetsformatiounen oder Equipementer fir hire lokale Partner um Terrain nach méi Sécherheet garantéieren ze kënnen. Fir eis ONGen op verschidde Situatioune virzebereeden, hunn mir och dëst Joer zousätzlech Finanzementer un de Cercle des ONG deblockéiert, fir dass si Sécherheetsformatiounen hei ze Lëtzebuerg organiséiere kënnen.

De Cercle des ONG ass e ganz wichtegt Organ fir ons Zesummenaarbecht mat de ganz villen ONGen ze koordinéieren, Formatiounen ze organiséieren an d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht festzeleeën. Ech sinn dofir och frou kënnen ze soen, dass ons Kontributioun un de Cercle d'nächst Joer wäert op Ronn 438.000 EUR klammen, fir dass si hiren Aarbechtsprozess kënnen ausféieren, an d'Recommandatioune vun der Evaluatioun, déi mir 2019 gemaach haten, ëmsetze kënnen.

Eng weider wichteg Zesummenaarbecht mam Cercle ass d’Charte „contre le harcèlement, l’exploitation et les abus sexuels“. Zënter dësem Joer muss all ONG dës ënnerschriwwen hunn, a sech un verschidde Mesuren halen, fir als Entwécklungs-ONG agreéiert kënnen ze ginn. Och hei goufe Formatioune mam Cercle des ONG organiséiert fir den ONGen e méi kloert Bild ze bidden wat alles dorënner fält an hinnen et och ze erméiglechen d’Charte géint Sexuell Ausbeutung an der Praxis ëmsetzen ze kënnen. Mir hunn an deem Domaine eng 0 Toleranz Politik, an och an onsen Accorde mat den Uno-Agencen an bei der LuxDev déi wichteg Prinzippien a Mesurë festgehalen.

**11) PERSPEKTIVEN AN DER BILATERALER KOOPERATIOUN**

Dir Dammen an Dir Hären,

Den Haaptdeel vun der Lëtzebuerger Kooperatioun gëtt bilateral an onse Partnerlänner ëmgesat. Et ass enorm vill geschitt op deem Plang, an d’Zäit feelt mir hei alles opzezielen, mee ech wëll Iech awer déi **Haaptpunkten a Perspektive** matdeelen.

De **Fokus bleift** do weiderhin op déi am mannsten entwéckelt Länner op der Welt an notamment op **der Regioun vum Sahel**. Déi kritesch Sécherheetssituatioun, den Impakt vum Klimawandel, déi undauernd politesch Instabilitéit, déi kontinuéierlech Ofwiesenheet vum Staat an de ländleche Regiounen, an den demografeschen Drock si Facteuren, déi sech géigesäiteg beaflossen a e groussen Impakt op d'humanitär Situatioun am Sahel hunn, déi sech weider verschlëmmert.

En Zesummebrieche vun där Regioun, sou wéi mir et am Afghanistan gesinn hunn, wier eng riseg Katastroph, net nëmme fir déi 80 Millioune Leit déi do wunnen, mee och fir ganz Europa. Ëmmer méi europäesch Länner gesinn dat an, a verstäerken hir Kooperatioun an hir Presenz am Sahel. Koordinatioun gëtt also ëmmer méi wichteg, notamment am Kader vun der Internationaler Koalitioun fir de Sahel, wou mir ganz aktiv sinn. Mir insistéieren an deem Kader ëmmer, dass d'Äntwert op déi multidimensional Krisen am Sahel net nëmmen däerf militäresch sinn, mee virun allem an der Promotioun vun der Gouvernance a vun de grondleeënde sozialen Zerwisser leie muss. Virun allem awer ass et wichteg, dass d'Länner am Sahel selwer am Lead vun där Äntwert sinn, an dass mir si dobäi ënnerstëtzen.

Am **Mali** ass et besonnesch komplizéiert an eis Kooperatioun war dëst Joer vun der politescher Situatioun gepräägt. Mir hu kee PIC méi mee eng Transitiounsstrategie fir haaptsächlech deene Jonke weiderhin eng Perspektiv ze ginn, wat e wichtege Facteur ass am Kampf géint d'Verbreedung vum Terrorismus. Zesumme mat eisen internationale Partner encouragéiere mir

d’Transitiounsregierung am Mali d’Delaie fir d’Organisatioun vu fräien a faire Walen anzehalen. Ons Presenz op der Plaz ass duerch eng Chargée d’affaires renforcéiert ginn. Interessant ass och, dass d’Representantë vun 2 UNO-Agencen am Mali (UNDP an UNFPA) Lëtzebuerger sinn.

Mam **Niger** konnte mir ons laangjäreg Relatiounen nach verstäerken, duerch een neie véierte PIC fir d’Joren 2022 bis 2026 mat engem Rekord-Budget vu bal 145 MEUR. Den Niger ass dat äermste Land vun der Welt, an dach hält et dem Terrorismus besser Stand wéi verschidde vu sengen Noperen. Onsen ambitiéise Programm hu mir wärend der Aarbechtsvisitt zu Lëtzebuerg vum neien nigeresche President Mohamed Bazoum ënnerschriwen. Am Secteur vum Waasser si mir *Chef de file* vun engem Programm vun ronn 92 MEUR, dee vun onser Agence, der LuxDev, ëmgesat gëtt, a wou d’EU, Dänemark an Holland ons bal 50 MEUR delegéieren,déi d’LuxDev geréiert. Dat beweist d’Qualitéit vun der Lëtzebuerger Kooperatioun an d’Vertrauen, dat aner Partner an ons hunn.

De **Burkina Faso** organiséiert den 2. an 3. Dezember eng Konferenz zu Bréissel fir hiren neien nationalen Entwécklungsplang ze presentéieren. Mir wäerte vun där Occasioun profitéieren, fir ons op en neie PIC mam Burkina ze eenegen, fir si an hiren Efforten ze ënnerstëtzen. No der erfollegräicher Pilot-Experienz vun der pangouvernementaler Approche, mam Cabo Verde, sinn ech ganz frou dass den Ëmweltministère och am neie PIC mam Burkina mat u Bord ass, fir do geziilten an komplementar Ënnerstëtzung am Kampf géint de Klimawandel ze ginn. Mir setzen déi pangouvernemental Approche, also d'"Approche pays", konsequent ëm.

Fir dëst an d'nächst Joer hunn ech och eng zousätzlech Enveloppe vun 7 MEUR accordéiert, notamment fir onse Bäitrag am Educatiouns-Secteur ze erhéijen, fir och a Krise-Situatiounen de Kanner eng Bildung ze erméiglechen. Lëtzebuerg huet weiderhin d'Roll vum Chef de file am Educatiouns-Secteur am Burkina.

Am **Cabo Verde** gi mir och dëst Joer eng zousätzlech Ënnerstëtzung vun 2 MEUR wéinst dem negativen Impakt vun der Pandemie op den Aarbechtsmaart an op d'Gesondheetsstrukturen. Doriwwer, och iwwert ons allgemeng Zesummenaarbecht, wäert ech am Dezember am Kader vun enger Commission de partenariat mat der kapverdianescher Regierung schwätzen. Niewent Portugal bleift Lëtzebuerg weiderhin dee wichtegste Bailleur am Cabo Verde.

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech hunn Iech am Ufank vun dëser Ried iwwert déi divers Problemer informéiert déi mir an enger Rëtsch Länner begéinen, wou mir aktiv sinn. A Länner wei Nicaragua a Myanmar si mir leider op e Punkt komm, wou mir ons bilateral Hëllef hu misse stoppen, well ons **Prinzippie vu Gouvernance, Partenariat a Respekt vun de Mënscherechter** net méi agehalen goufen. Dat huet mat sech bruecht, dass mir eng **strategesch Reflexioun** hu misse féieren, iwwert den zukünftege Positionnement vun onser Kooperatioun a verschiddene Géigenden.

An **Zentralamerika** zum Beispill, wou Lëtzebuerg schonn zënter de 90er Jore present ass, wäerte mir ons verstäerkt um regionalen Niveau opstellen. Nieft dem Klimawandel an de sanitären a

sozio-ekonomeschen Impakter vum COVID, ass et d’Verschlechterung vun der Mënscherechtssituatioun, virun allem am Nicaragua, déi ons am meeschte Suerge bereet, och well se riskéiert op verschidden Nopeschlänner ofzefierwen. Ons Ambassade am Nicaragua gëtt deemno, wéi gesot, zougemaach a regional repositionéiert. Et geet hei dorëms, fir déi betraffe Populatiounen net am Stach ze loossen a weider z’ënnerstëtzen, notamment iwwert ONGen an Uno-Partner, mee och iwwer innovativ an nohalteg Finanzmechanismen. Eng Etüd gouf hei lancéiert, fir ons zukünfteg Kooperatioun ze orientéieren an eng méi inklusiv an nohalteg regional Integratioun ze fërderen. Dës wäert sech op dräi Schwéierpunkte konzentréieren a prioritär an deene Beräicher, déi wichteg sinn, fir d’Rechter vun de Fraen, de Jonken a Minoritéiten asetzen: (i) eng inklusiv sozio-ekonomesch Integratioun, (ii) eng nohalteg Ëmwelt an Transitioun fir de Klimawandel an, (iii) d’Verdeedegung vun demokratesche Basisprinzippien a Mënscherechter. Och d’Coopération Sud-Sud an Triangulaire, an d'Zesummenaarbecht mat onsen europäeschen an internationale Partner, wäerte verstäerkt ginn.

An **Asien** konzentréiert sech eis Kooperatioun weiderhin op ee prioritäert Partnerland, de **Laos**, a mir si weiderhin op Projets-Basis am Vietnam an an der Mongolei vertrueden. D’COVID-Situatioun am Laos ass weiderhin alarmant an d’Land kënnt net aus dem Lockdown eraus, wat een negativen Impakt och op ons Programmer huet. Mir hunn deemno de Start vun onsem fënnefte PIC, deen ech am Juli ënnerschriwwen hunn (95 Milliounen Euro), leider missen ëm e Joer verréckelen, op Januar 2023.

Och an der **Mongolei**, wou mir den 20. Anniversaire vun onser Kooperatioun dëst Joer sollte feieren, huet déi unhalend CCOVID-Pandemie an déi domat verbonnen Aschränkunge signifikant Auswierkungen op d'Ëmsetzung vun eisem aktuelle Projet an der Telemedezin. Och hei ass et zu Verzögerung a Verlängerunge komm an nei Projete wäerte fréistens Enn Mäerz 2022 ufänken.

Last but not least, hu mer och am **Kosovo** eng onofhängeg Etüd lancéiert, mam Zil, Pisten opzeweisen, wéi mir eis an Zukunft an deem Land positionéieren kënnen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéinst dem bilaterale Récktrëtt aus dem Nicaragua an dem Myanmar, an der Onsécherheet wéi et a Länner wéi dem Mali weidergeet, hu mer also ugefaangen ons an Zentralamerika ze repositionéieren, an **an Afrika no neie Partnerlänner ze sichen**. Meng Visitt am **Ruanda** war och an deem Kader ze gesinn. De Ruanda huet e gewëssen Niveau vun Entwécklung erreecht, deen et ons erlaabt, eng nei Form vun Kooperatioun do ëmzesetzen. Ech hunn an deem Sënn en MoU mat dem Finanzminister ënnerschriwwen, fir de *Kigali International Financial Centre* z'ënnerstëtzen. Hei ginn direkt Neel mat Käpp gemaach, an eng Delegatioun vun techneschen Experte sinn dëser Deeg zu Lëtzebuerg, a mir wäerten och eng Ekipp aus Lëtzebuerg op Kigali schécken, fir dëse Projet konkret auszeschaffen, mee och fir Kooperatioun an aneren Domainer ze identifizéieren. Eng Pist ass zum Beispill fir ons Relatioune mat der regionaler Allianz *Smart Africa* auszebauen, am Kader notamment vun den digitale Kompetenzen. D'Ambitiounen an deem Domaine si grouss a wäerten um Sommet *Transform Africa*, am Mee 2022 virgestallt ginn.

Ech hat awer och, um Rand vun der Semaine Africaine de la Microfinance, interessant Gespréicher mat e puer aner Länner aus Westafrika, mat deenen Entwécklungszesummenaarbecht nëtzlech wier, notamment fir d'Aarmut ze bekämpfen an d'Stabilitéit an der Regioun ze verstäerken.

Dir gesitt, et kommen eng Rei Changementer an nei Opportunitéiten op ons duer. Mir musse preparéiert sinn a méi Synergien opbauen tëscht all den Acteure vun der Kooperatioun: bi- an multilateral, mee och ONGen, dem Privatsecteur, souwéi der Uni an der Recherche. An där gesamtheetlecher Approche, mat diversen Acteuren, kritt ons Agence LuxDev eng verstäerkte Koordinatiounsroll ze spillen. An deem Sënn wäerten d'Statuten (déi vun 2004 datéieren) iwwerschafft ginn, an ech hunn och wëlles e Rapprochement vun der Agence mam Ministère ze maachen, fir zesumme gestäerkt a méi effikass un déi nei Erausfuerderungen an der Kooperatioun erunzegoen.

**12) NEXUS AN HUMANITÄR HËLLEF**

Dir Dammen an Dir Hären,

Stabilitéit, Sécherheet a Mënscherechter sinn d'Grondsteng vum Développement. D'Affirmatioun vum Koffi Annan vun 2005 bleift nach ëmmer aktuell: "*Il n'y a pas de sécurité sans développement, il n'y a pas de développement sans sécurité, et il ne peut y avoir ni sécurité, ni développement si les droits de l'Homme ne sont pas respectés*". An dëst Joer 2021 ass leider erëm e Joer dat gepräägt gouf vun Negativrekorder an deene Beräicher a wou déi humanitär Hëllef op

ville Platzen ëmmer méi néideg ginn ass, notamment fir déi Mënschen, déi hiert Doheem verloosse mussen, well se viru Gewalt flüchten, well se verfollegt ginn oder wéinst dem Klimawandel keng Liewensgrondlag a keng Perspektiv méi hunn. Déi Mënschen, déi a fragille Kontexter, a chronesche Krisen oder Krichsgebidder liewen, oder direkt vun Naturkatastrophe betraff sinn, an alles verluer hunn.

D’Nout, déi mir am Moment a verschiddene Regiounen erliewen, ass einfach erschreckend.
Opgrond vun deene permanent wuessenden Zuele vun betraffene Mënschen, gëtt déi international an och déi lëtzebuergesch Nouthëllef ëmmer méi an Usproch geholl an erreecht ëmmer méi oft hir Limitten.

Afghanistan ass e gutt Beispill fir z’illustréieren, wéi eng Ufuerderungen am Moment un déi humanitär Acteure gestallt ginn: den afghanesche Staat, deen och an deene leschten 20 Joer senger Verantwortung essentiel Zerwisser z’offréieren, nëmmen deelweis, wann iwwerhaapt, gerecht ginn ass, ass elo komplett zesummegebrach. An déi international Acteure vun der Entwécklungshëllef, déi virdru bis zu 70% vun den Zerwisser gestallt hunn, kënnen aus ville Grënn net méi am Land operéieren. Elo wou de Wanter sech annoncéiert an och nach d’Iessen knapp gëtt, ass et kloer, dass mir kuerz virun enger humanitärer Katastroph stinn. Den humanitären System ass eigentlech geduecht fir geziilt z’intervenéieren, Liewen ze retten, eng éischt Hëllefsstellung ze leeschten, mee net fir de Sozialsystem vun engem ganze Land ze ersetzen.

Eng ganz besuergniserregend Tendenz ass d'Instrumentaliséierung vun der humanitärer Hëllef. Am Moment wou ech hei schwätzen, riskéieren honnertdausende Mënschen an der Tigray-Regioun am Norde vun Äthiopien enger Mënsche-gemaachener Hongersnout zum Affer ze falen. Déi schlëmmsten Hongersnout momentan, seet d'Uno. Kuerz nodeem de Martin Griffith, den UN-Koordinator fir humanitär Hëllef, den 29. September genau heirop opmierksam gemaach huet, goufe 7 héichrangeg Mataarbechter vun UN-Agencen vun der äthiopescher Regierung aus dem Land verwisen. Den humanitären Accès un d'Bevëlkerungen, déi am dréngendsten Hëllef brauchen, ass doduerch nach méi schwéier, wann net onméiglech gemaach ginn. Den Tigray ass am Moment och wuel déi déidlechst Kriseregioun fir humanitäert Personal. Dofir muss sech déi international Gemeinschaft nach méi staark fir eng imminent Wafferou asetzen, fir dass déi dréngend néideg Hëllef och do ukënnt, wou se gebraucht gëtt. De sougenannten Nexus tëscht Fridden, humanitärer Hëllef an Developpement huet hei seng ganz Pertinenz.

Loosst mech och nach ee Moment op déi regional Flüchtlingskris am Noen Osten agoen. Genau 10 Joer ass et elo hier, dass de syresche Biergerkrich ausgebrach ass, an déi ganz Regioun destabiliséiert huet, mat de Konsequenzen, déi mir all kennen. Ech hat d'Geleeënheet, mir perséinlech am September e Bild ze maachen vun de Flüchtlingscampen a Jordanien, wou och haut nach honnertdausende syresch – an net ze vergiessen palästinensesch – Flüchtlinge liewen. Lëtzebuerg mécht säi Bescht fir déi jordanesch Autoritéiten, wéi och d'Autoritéite vun deenen anere betraffene Länner an der Regioun, an dëser schwiereger Situatioun z'ënnerstëtzen. Ech well hei nach emol ënnersträichen dass 80% vun de Flüchtlinge weltwäit net hei bei ons an Europa kommen, mee ganz no an hirer Regioun bleiwen. Lëtzebuerg dréit dofir säin Deel bäi, mat

der Hëllef vu senge strategesche Partner, wéi dem Welternärungsprogramm an dem UNHCR, an enger Rei ONGen, déi hei och eng onersetzlech Aarbecht leeschten. Ons Contributioune sinn dofir an där Regioun dëst Joer ëm 1MEUR erhéicht ginn, sou dass on Ënnerstëtzung sech 2021 op 7,5 MEUR fir d'UNRWA an 10,5 MEUR fir den UNHCR beleeft.

Virun de villen Erausfuerderungen hu mir vill investéiert an deene leschte Joren, fir dass ons Nouthëllef – ech schwätzen hei net nëmme vun mengem Zerwiss, mee vun all de Lëtzebuerger humanitären Acteuren – wesentlech méi professionell an effikass konnt ginn. Dofir hu mir dëst Joer och eng nei humanitär Strategie zesumme mat de concernéierten Acteuren ausgeschafft, déi mir ganz geschwënn op onsem Internetsite wäerte kënnen verëffentlechen.

Ons Prioritéiten a Schwéierpunkte si méi kloer definéiert ginn an Elementer wei Innovatioun, digital Transformatioun mat Lëtzebuerger Knowhow, sou wei och dat internationaalt humanitäert Recht ginn hei geférdert, fir e sécheren an onageschränkten Zougang fir humanitär Hëllef ze verbesseren a fir déi vulnerabelst Mënschen ze schützen. Den néidege Budget fir humanitär Hëllef hunn ech dofir dëst Joer ëm ronn 11 MEUR erhéicht, notamment fir d'Besoinen a Länner wei Jordanien, Syrien, Mali, Haiti, Südsudan, Afghanistan, a Jemen besser ze couvréieren. An d'nächst Joer wäert den humanitäre Budget op ganzer 60MEUR klammen.

**13) CONCLUSIOUN**

Dier Dammen an Dir Hären,

Zum Ofschloss vu menger Ried wëll ech jidderengem Merci soen, deen am leschte Joer, wat wierklech keen einfacht war, matgewierkt huet an der Lëtzebuerger Entwécklungszesummenaarbecht. Onse ville Partner, bi- an multilateral, de Lëtzebuerger a lokalen ONGen, der Luxdev an natierlech onsen Ekippen um Ministère an op den Ambassaden. Jiddereen huet héijen Asaz bewisen a mir sinn d'Verännerungen an d'Adaptatiounen zesumme mat Kompetenz a Professionalismus ugaangen. Dat bréngt ons, a Lëtzebuerg, eng grouss international Unerkennung. An dat soen net ech, mee ons Partner. Ech zitéieren nach emol de Filippo Grandi wärend senger Visitt hei d'lescht Woch, dee sot: D'Flüchtlingskris verschäerft sech weltwäit, mee op Lëtzebuerg kann ee sech verloossen. Och ons Noperen aus der Rheinland-Pfalz hu mir d'lescht Woch nach gratuléiert fir d'Renommée an de reellen Impakt vun onser Kooperatioun um Terrain. Dofir e grousse Bravo un all d'Acteuren vun der Kooperatioun.

Zesummen wäerten mir och an Zukunft déi néideg Aktiounen a Reformen duerchféieren, fir en innovativen a flexibele Partner ze sinn, op deen ee sech verloosse kann, mee deen och seng Prinzippien duerchsetzt. Déi **Haaptperspektive fir d'Zukunft** gesinn ech folgendermoossen:

- D'COVID-Pandemie wäerte mir weider an der "Team Europe"-Approche bekämpfen.
- Sou wei op der COP26 festgehalen, wäert ons APD nach méi staark mam Paräisser Accord fir de Klima alignéiert ginn. Dozou gehéiert, dass ons gutt Kollaboratioun a Koordinatioun

mam Ëmweltministère a mam Finanzministère weider verstäerkt ginn, gradesou wéi mat de villen Acteuren.

- Mir wäerten ons Expertis weider ausbauen, a mussen un der Spëtzt vun der Innovatioun bleiwen, fir weider iwwert onser Gewiichtsklass ze boxen. An deem Kontext hunn ech wëlles en "Innovation Summit" z'organiséieren, wou mir innovativ Acteuren aus dem Privatsecteur, der Zivilgesellschaft, den Uno-Agencen an der Recherche zesummebréngen, fir nei Solutiounen ze fannen, déi den Entwécklungslänner zeguttkommen.
- An deem Sënn wäerte mir och nei Partenariater agoen, nei an innovativ Weeër goen, mat neie Länner wéi z. B. dem Ruanda, mee och aneren a Westafrika an an Zentralamerika.
- Mir wäerten d'Effikassitéit an Transparenz vun der APD weider stäerken. Ech zielen do och op onsen neien, integréierten Informatiounssystem, dee gutt virukënnt.
- A last but not least: Dimensioune vun der Gläichheet a vum Gender, grad wéi vun de Mënscherechter, wäerte weiderhi verstäerkt an all Kooperatiounsaktioun agebonne ginn.

Nëmmen esou kënne mir eng **méi nohalteg, méi résilient an méi inklusiv Entwécklung** erreechen, a **keen zeréckloossen**.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.